



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/01/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.**

Bei der Liewensmëttelproduktioun kënn et ëmmer erëm zu ongewollte Kontaminatiounen. Esou Fäll gi vum *Commissariat du gouvernement à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire* (kuerz d'Liewensmëttelkontroll) analyséiert an, wann esou ee Fall antrëtt, gëtt si eng Warnung fir ee betraffene Produit eraus.

Am Moment warnt d'Liewensmëttelkontroll virum Konsum vu Produkter mat Sesamkären a Kreuzkümmelpudder. Béid Produiten hunn de Risiko mat Ethylenoxyden, engem kribberregende Produit, belaascht ze sinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°650 hunn d'Ministeren erkläert, dass:

Wann et sech em eng eescht Gefor fir d'Gesondheet handelt, da maachen déi zoustänneg Autoritéiten zousätzlech zu der Publikatioun um Portail nach en offizielle Communiqué de presse, deen dann iwwert den offizielle Wee un all lëtzebuergesche Presseorganer geschéckt gëtt.

Aläerten, déi Liewensmëttel betreffen, ginn och op der Santé-App "Santé.lu" an um Portail santé publizéiert.

Et gëtt och am Kader vun der Digitalisatioun vun de Ministère dréi geduecht, fir aner Applikatiounen mat anzubegräifen, wéi zum Beispill GouvAlert.lu.

Eng Presenz vun den Autoritéiten op verschiddene soziale Medien gëtt am Moment am Kader vun der Kommunikationsstrategie vum Konsumenteschutzministère gepréift, deen an der neier Regierung d'Responsabilitéit vun der Liewensmëttelsécherheet iwwerholl huet.



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

1. Wou steet een an dësem Zesummenhang mat dem Abanne vu GovAlert.lu?
  2. Op de soziale Medie vun der Regierung an de Ministèreen, ass op den éischte Bléck näischt iwwert Liewensmëttelwarnungen ze gesinn. Wéi steet et mat de Ministeren hirem Virschlag, dës ze notzen, fir d'Leit op d'Geforen opmierksam ze maachen?
  3. Fir wéini sinn dës Ännerunge geplangt?
2. Ass an Zukunft geplangt, d'Warnunge vun den Nopeschlänner méi däitlech wéi nëmmen de generelle Link zur Agence, um Site ervir ze hiewe wëssend, dass vill Lëtzebuerger Produiten am Ausland kafen?

Wéi steet d'Ministesch dozou, fir bei all eenzeler Warnung och dobäi ze schreiwe wann änlech Warnungen am Ausland, zu zousätzleche Produiten, gemaach goufen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

